1-2020-O-λ-6357-01 (n° 3463)

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Dépôt: GOERGEN Marc

Aktualitéitsstonn zu der Organisatioun vun der Sécherheet am ëffentleche Raum

Lëtzebuerg, den 11/03/2021

1

# Motioun

**D'Deputéiertechamber stellt fest:**

- dass e Kontrakt tëscht enger Gemeng an enger privater Sécherheetsfirma, dee virgesäit, dass am ëffentleche Raum solle Patrulle gemaach ginn, net vum Gesetz vun 2002 iwwer de Gardiennage ofgedeckt ass;
- dass et an engem gemeinsame Pressecommuniqué vum 25.Januar vun der LSAP, déi Lénk an déi Gréng heescht: "Eng éischt Asiicht an di Dagesrapporten (keng exhaustiv Analysen), di vun den Agente vu GDL Security fir d'Gemeng verfaasst goufen, gehäit allerdéngs Froen op: Sou gi beispillsweis awer eenzel Incidenter tëschent GDL Security an der Police notéiert, d'Interventioun ausserhalb vum ëffentleche Raum ass beschriwwen, racial profiling ass dokumentéiert, den Hond gëtt aktiv agesat, d'Agenten huelen eegen Initiative par rapport zu Leit, di hirer Meenung no den Ordre public stéieren."

**Aus dëse Grënn invitéiert d'Deputéiertechamber d'Regierung:**

1. den Asaz vu private Sécherheetsfirmen duerch Gemengen fir eng Aktivitéit op ëffentleche Plazen ze stoppen.
2. bei de betraffene Gemengen Asiicht an d'Rapporte vun de private Sécherheetsfirmen ze froen, d'Dokumenter ze evaluéieren an am Fall wou et Hiweiser op racial profiling gëtt, déi néideg juristesch Schrëtt anzeleeden.

Marc Goergen